N°910
Entrée le 25.07.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°910 vum 20. Juni 2024 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen zum Sujet "Animaux de compagnie accidentés"**

**Fro 1 : Ass der Regierung déi genannte Problematik, déi och an engem Wort-Artikel vum 28.05.2024 thematiséiert gouf, bekannt?**

Jo, d'Problematik ass bekannt.

**Fro 2 : An der Äntwert op meng Fro 3013 sot déi deemoleg Regierung: "Et ass wichteg, datt méiglechst vill offiziell Stelle mat engem Chipliesegerät equipéiert sënn. Dat ass aktuell bei enger Partie Policekommissariater a Gemengen och well de Fall."**
**Wéi vill Policekommissariater a Gemengen hunn aktuell esou en Chipliesegerät?**

D' Police huet aktuell 44 Chipliesegeräter. Nieft all Kommissariat sinn och nach d'Unitéite vun der Police de la Route, esou wéi d'Hondsmeeschter vun der Police mat esou engem Gerät equipéiert.

**Fro 3 : Plangt d'Regierung, d'Gemengen ze encouragéieren, verongléckten Hausdéieren net ze entsuergen, ouni dass probéiert gouf, d'Proprietairen ze fannen?**

Déi Fro get interministeriell a mat de Gemengen diskutéiert.

Lëtzebuerg, den 25. Juli 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN